N°4131
Entrée le 02.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4131 vum 22. Mee 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwert "Pose d'une conduite d'eau potable destinée à alimenter le site du Fond-de-Gras"**

1) **D'Waasserleitung féiert duerch een Natura2000-Schutzgebitt: wéi eng weider Moossnahmen muss de Bauhär (hei d'Gemeng) an dësem Kontext ergräifen?**

   Eng Demande fir de Bau vun enger Waasserleitung gouf de 25te Mee 2026 beim Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, am Optrag vum Bauhär SIACH (syndicat intercommunal pour l'assainissement du bassin de la Chiers), agereecht. Am Kader vun der Beaarbechtungsprozedur gëtt gepréift, wéi en Impakt de Projet op d'Natura-2000-Gebitt huet a wéi eng néideg Moossnamen, konform zum aktuellen Naturschutzgesetz, mussen ergraff ginn.

2) **Ass d'Gemeng Péiteng am Virfeld un den zoustännege Ministère erugetrueden, fir eng Autorisatioun oder en Accord fir dës Waasserleitung an eventuell zukünfteg Uschlëss ze kréien?**

   Hei gëtt op déi éischt Äntwert verwisen.

3) **Ass de Site, wou den Hotelprojet am Dhoil geplangt ass (Parzellnummer 1376/6428 an déi ëmleiend Parzellen), aktuell schonn un den Drénkwaasserreseau ugeschloss?**

   Dozou kann de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit keng Ausso maachen. D'Gestioun vum lokalen Drénkwaasser Reseau läit, wéi am Artikel 42 vum Waassergesetz festgehal, an der Kompetenz vun de Gemengen.

4) **Dierf dës Waasserleitung fir aner Gebaier oder Projeten am Beräich vum Dhoil oder Fond-de-Gras genotzt ginn?**

   Dozou kann de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit keng Ausso maachen. D'Gestioun vum lokalen Drénkwaasser Reseau läit, wéi am Artikel 42 vum Waassergesetz festgehal, an der Kompetenz vun de Gemengen.

5) **Falls den Hotelprojet am Dhoil un dës nei Leitung ugeschloss gëtt: wéi gëtt garantéiert, datt d'Käschte vun dëser Infrastruktur net integral vum Steierzueler gedroe ginn?**

   Lokal Drénkwaasserinfrastrukturen um Niveau vun enger Gemeng si net eligibel fir e Subside vum Waasserfong.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit